



Decisioune vum Verbandskongress a vum Chefdag

1. Allgemenges

1.1. De Verbandskongress besteet aus:

- de Membere vum Verbandsgrupp;
- den ernannte Cheftainen a Chef;
- den ernannten Aumônieren an den ernannten Animateurs spirituels, déi all stëmberechtigt sinn.
(Art. 4.1.1. vun de Statuten)

1.2. De Chefdag besteet aus:

- de Membere vum Verbandsgrupp;
- alle Cheftainen a Chef;
- den Aumônieren an den Animateurs spirituels.
(Art. 4.2.1. vun de Statuten)

1.3. All ernannte Chef/taine ass stëmberechtigt, ausser wann e seng Verbandscoisatioun net bezuelt huet, obschonn en derzou opgefuerdert gouf.

All stëmberechtigte Member vum Verbandskongress huet nëmmen eng Stëmm a ka sech net vertrieede loossen.

E Verbandskongress, dee statuteméisseg ageruff gouf, ass beschlossfähig, egal wéivill Cheftainen a Chef do sinn.

D'Decisioune gi mat einfacher Stëmmemajoritéit geholl, ausbehal d'Statutenëmännerungen an d'Opléise vum Verband.

Et kann nëmmen iwver Punkten, déi um "Ordre du jour" stinn, diskutéiert an ofgestëmmt ginn. Ausnaamsweis kann de Verbandskongress e Punkt op den "Ordre du jour" setzen. Dëst gëlt awer net fir d'Statutenëmännerungen an d'Opléise vum Verband.
(cf Art. 4.1.4. vun de Statuten)

1.4. All ernannte Cheftaine a Chef um Chefdag huet Stëmmrecht, ausser wann e seng Verbandscoisatioun net bezuelt huet, obschonn en derzou opgefuerdert gouf.

E Chefdag, dee statuteméisseg ageruff gouf, ass beschlossfähig, egal wéivill Cheftainen a Chef do sinn.

D'Decisioune gi mat einfacher Stëmmemajoritéit geholl.

Et kann nëmmen iwver Punkten, déi um Ordre du jour stinn, diskutéiert an ofgestëmmt ginn.

Ausnaamsweis kann de Chefdag e Punkt op den Ordre du jour setze mat einfacher Stëmmemajoritéit an op Proposition vum engem vu senger stëmberechtigte Cheftainen a Chef. (Art. 4.2.4. vun de Statuten)



2. Ofstëmmen

- 2.1. D'Ofstëmmen geschitt
- duerch Handophiewen
 - oder duerch Opruffe vum Numm
 - oder geheim.

Beim Ofstëmmen duerch Handophiewen halen déi stëmberechtigt Chef/tainen hir Stëmmkaart an d'Luucht. D'Stëmmkaart kritt ee géint Virweise vu senger gülteger Chefkaart.

Beim Ofstëmmen duerch Opruffe vum Numm ginn déi stëmberechtigt Chef/tainë genannt a si ginn hir Stëmm mëndlech of.

Beim geheimen Ofstëmmen ginn déi stëmberechtigt Chef/tainen hiren ausgefëllte Stëmmziedel of. Dëse Stëmmziedel kritt ee géint Virweise vu senger gülteger Chefkaart.

- 2.2. De Commissaire général(e) a säin Adjoint(e) an d'Membere vum Verbandsrot ginn duerch geheimt Ofstëmmen gewielt.

All aner Decisiounen gi prinzipiell duerch Handophiewen geholl, et sief, de Verbandskongress géif duerch Handophiewen eng aner Manéier fir ofzestëmmen festleeën.

- 2.3. De President vum Verbandskongress nennt Leit, déi d'Stëmmen zielen ënner der Leedung vum Administratiounscommissaire oder sengem Vertrieder.

Wann am Fall vun enger Decisioun duerch Handophiewen de President vum Verbandskongress eng däitlech Majoritéit feststellt, brauchen d'Stëmmen net gezielt ze ginn, et sief, e stëmberechtigt Chef/taine géif op d'Zielen halen.

- 2.4. Bei all Ofstëmmung oder Wal zielen d'Enthalungen an déi ongültig Stëmmen net fir d'Berechnung vun der Majoritéit.

3. Wal vum Commissaire général(e) a sengem Adjoint(e) („Team“) (cf Art 4.1.3. vun de Statuten)

- 3.1. D'Kandidature fir d'Funktiounen vum Commissaire général(e) a sengem Adjoint(e) gi schrëftlech op mannst ee Mount virun der Wal un de President vum Verbandsrot gericht.

- 3.2. D'Kandidature gi vum President vum Verbandsrot oder engem Vertrieder um Verbandskongress bekannt gemaach, an d'Kandidate kréien op Wonsch d'Wuert, fir sech kuerz ze presentéieren.

- 3.3. D'Walprozedur gëtt geleet vun engem Walbüro, deen de President vum Verbandsrot oder säi Vertrieder an zwee stëmberechtigt Chef/tainen ëmfaasst, déi vum President vum Verbandsrot genannt ginn.

- 3.4. Wann nëmmen een Team sech zur Wahl stellt, kënnen déi stëmberechtigt Chef/tainen „Jo“ oder „Neen“ um Ziedel ukräizen oder si ginn ee wäissen Ziedel of.



D'„Team“ ass gewielt, wa méi wéi d'Halschent vun dn gëltege Stëmme „Jo-Stëmme“ sinn. Ee Stëmmziedel ass gëlteg, wa „Jo“ oder „Neen“ ugekräizt ass.

- 3.5. Wa méi wéi een „Team“ hir Kandidatur stellen, kräizen déi stëmberechtigt Chef/tainen d'Nimm vun engem „Team“ op dem Stëmmziedel un oder si ginn e wäissen Ziedel of.

Gewielt ass dat „Team“, dat méi wéi d'Halschent vun de gëltege Stëmme krut. Ee Stëmmziedel ass gëlteg, wann nëmmen een Team ugekräizt ass.

- 3.6. Wa beim éischte Walgank keen „Team“ déi néideg Stëmmzuel erreecht huet, stellt de Walbüro eng Lëscht op vun deenen zwee „Teamen“, déi déi meescht Stëmme kruten. Wann „Teamen“ an der zweeter Positioun déiselwecht Stëmmenzuel hunn, gi se mat op d'Lëscht gesat.
Ënner dësen „Teame“ gëtt frësch gewielt (Ballotage).
Déi stëmberechtigt Chef/taine schreiwen d'Nimm vun engem „Team“ op de Stëmmziedel.

- 3.7. Beim zweete Walgank zielt déi einfach Stëmmemajoritéit.

Bei Stëmmgläichheet gëtt no der selwechter Prozedur frësch gewielt.

- 3.8. D'Resultat vun der Wal gëtt an engem Rapport, deen de Walbüro opsetzt a ënnerschreift, festgehalten.

D'Stëmmziedele ginn zerstéiert.

4. Wal vum Verbandsrot

- 4.1. Déi eenzel Membere vum Verbandsrot gi vun de Chef/tainë vun hirer betr. Branche gewielt. Stëmberechtigt an och wielbar sinn all ernannte Chef/tainë vun der betr. Branche.

An dësem Reglement ginn d'Gruppechef/tainen an hir Assistenten engersäits, d'Aumônieren an d'Animateurs spirituels anersäits je als eng Branche betruecht.

- 4.2. D'Kandidature fir eng Plaz am Verbandsrot gi bis virun der Wal un de betr. Branchecommissaire geriicht. D'Kandidature gi vum Branchecommissaire bekannt gemaach, an d'Kandidate kréien op Wonsch d'Wuert, fir sech kuerz ze presentéieren.
- 4.3. D'Walprozedur gëtt geleet vun engem Walbüro, deen de Branchecommissaire oder säi Verrieder an zwee stëmberechtigt Chef/tainë vun der betr. Branche ëmfaasst, déi vun him genannt ginn.

D'Membere vum Walbüro duerfen net Kandidat sinn.

- 4.4. Déi stëmberechtigt Chef/tainë schreiwen héchstens esouvill Nimm vu Kandidaten op hiren Ziedel, wéi duerch déi betr. Branche Plazen ze besetze sinn.

Gewielt sinn d'Kandidaten, déi am meeschte Stëmme kruten.

Wann eng Stëmmgläichheet et erfuerdert, gëtt ënner deene betr. Kandidate frësch gewielt.



- 4.5. D'Resultat vun der Wal gëtt an engem Rapport, deen de Walbüro opsetzt an ënnerschreift, festgehalten.

D'Stëmmziedele ginn zerstéiert.

- 4.6. Wann net méi Kandidaturen an enger Branche virleien, wéi duerch dës Branche Plazen ze besetze sinn, a wann Kandidaten op eng Wal verzichten, gëtt net ofgestëmmt. An deem Fall proklaméiert de Branchecommissaire oder säi Vertrieeder d'Kandidaten als Member vum Verbandsrot. Hien hält dat an engem Rapport fest, deen hien ënnerschreift.

5. Fräi Plazen

- 5.1. Wann d'Plaz vum Commissaire général(e) während engem Mandat duerch iergendee Grond fräigëtt, féiert de Commissaire général(e) adjoint (e) de Verband bis zum nächste Verbandskongress. (cf Art. 4.4. vun de Statuten)

Um nächste Verbandskongress gëtt en neit "Team" gewielt.

- 5.2. Wann d'Plaz vum Commissaire général(e) adjoint(e) während engem Mandat duerch iergendee Grond fräigëtt, féiert de Commissaire général(e) de Verband eleng bis zum nächste Verbandskongress.

Um nächste Verbandskongress gëtt en neit "Team" gewielt.

- 5.3. Wann d'Plaz vum Commissaire général(e) an d'Plaz vum Commissaire général(e) adjoint(e) während engem Mandat duerch iergendee Grond fräiginn, rífft de Verbandsrot en aussergewéinleche Verbandskongress zesummen. (cf Art. 4.1.2. vun de Statuten)

Op dësem Verbandskongress gëtt en neit "Team" gewielt.

- 5.4. Wann e gewielte Member vum Verbandsrot fréizäiteg ausscheet, wielt den nächste Verbandskongress en Nofolger, dee säi Mandat zu Enn féiert. (cf Art. 4.3.2. vun de Statuten)

6. Resolutiounen

- 6.1. De Verbandskongress kann duerch d'Stëmmen vun enger Resolutioun
- eng Decisioun am Kader vu senger statutarescher Kompetenzen huelen (cf. Art. 4.1.3. vun de Statuten);
 - am Numm vun de Lëtzebuurger Guiden a Scouten eng publik Stellungnam bezéien an enger Fro, déi am Zesummenhank steet mat de Grondsätz vum Verband;
 - eng Opfuerderung, eng Rekommandatioun oder e Wonsch riichten un Organer oder Membere vum Verband an och esouguer u Persounen oder Institutione baussent dem Verband.

- 6.2. E Resolutiounsprojet kann abruecht ginn duerch de Verbandscomité, de Verbandsrot, eng Equipe vum Verbandsgrupp oder e Grupperot.

- 6.3. Am Aklank mat den Art. 4.1.2. vun de Statute müssen d'Resolutiounsprojetë schrëftlech a wéinstens sechs Woche virum Verbandskongress bei dem



Verbandscomité agereecht ginn. Si kommen dann op den "Ordre du jour" vum Verbandskongress, virausgesat, se entsprechen den Ufuerderunge vun den Art. 6.1. a 6.2. vun dësem Reglement.

Ausnaamsweis kann e Resolutionsprojet och nach bis zum Ufank vum Verbandskongress schrëftlech un de President vum Verbandskongress agereecht ginn. Am Aklank mat dem Art. 4.1.4. vun de Statuten decidéiert de Verbandskongress, ob de Resolutionsprojet op den "Ordre du jour" kënn, virausgesat, en entsprécht den Ufuerderunge vun den Art. 6.1. a 6.2. vun dësem Reglement.

- 6.4. D'Resolutiounen gi prinzipiell duerch Handophiewen a mat einfacher Majoritéit ugeholl oder verworf.
- 6.5. D'Statute kënnen net duerch eng Resolutioun ëmgeännert ginn.

7. Ofstëmmen a Bréiwer

- 7.1. An dréngende Fäll kann de Commissaire général(e) oder de Verbandsrot iwwer Froen, déi dem Verbandskongress virbehal sinn, och bréiflech déi stëmberechtigt Chef/tainen decidéiere loossen. Dat gëlt awer net fir d'Statutenëmännerungen an d'Opléise vum Verband. (cf Art. 4.1.6. vun de Statuten)
- 7.2. De Commissaire général(e) oder de Verbandsrot schéckt de stëmberechtigte Chef/tainen d'Froen, iwwer déi a Bréiwer ofgestëmmt soll ginn, zesumme mat dem Stëmmziedel. D'Modalitéite fir de Stëmmziedel auszufëllen, d'Adresse an de leschten Termin fir de Stëmmziedel zréckzeschécken gi gläichzäiteg matgedeelt.
- 7.3. De Commissaire général(e) resp. de Verbandsrot nennt véier stëmberechtigt Membere vum Verbandskongress, déi d'Stëmmen zielen.
- 7.4. D'Enthalungen an déi ongülteg Stëmmziedelen zielen net fir d'Berechnung vun der Majoritéit.
- 7.5. D'Modalitéite fir d'Wal vum Commissaire général(e) a sengem Adjoint(e) resp. fir d'Wal vum Verbandsrot ginn net geännert, ausbehal d'Zesummesetzung vum Walbüro. (cf Art .7.3. vun dësem Reglement)
- 7.6. Iwwer d'Resultat muss op dem nächste Verbandskongress e Rapport gemaach ginn.

D'Stëmmziedele ginn no dem Verbandskongress zerstéiert.

8. Chefdag

D'Bestëmmungen aus dem Art. 2. a 6. vun dësem Reglement zielen och fir de Chefdag.

9. Schlussbestëmmung

Dëst Reglement ersetzt d'Bestëmmungen vum Reglement N° 1 vum 8.5.95, dat heiduerch opgehewen ass.